ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. August 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Transportminister weiderzeleeden.

Den Tramshalt Hamilius schaaft eng geféierlech Verkéierssituatioun, déi besonnesch Foussgänger betrëfft. De vill befuerene Busquai mécht et néideg, datt esouwuel Bussen aus der Monterreysavenü wéi och vum Boulevard Royal iwwert d'Tramsschinne fueren an hei och de Wee vu Foussgänger kräizen. Fir Stauen an eng Behënnerung vum Tram ze verhënneren, muss dëse Busverkéier relativ schëtzeg vir sech goen. D'Foussgänger hunn awer Prioritéit fir iwwert de Bus-Wee op den Tramshalt ze goen. Och hire Wee iwwert d'Tramsschinnen ass net mat Verkéierszeeche gereegelt. Duerfir hätt ech dës Froen un den Här Verkéiersminister:

1. Ass et op dëser geféierlecher Plaz schonn zu Tëschefäll oder liichten Akzidenter komm?
2. Gëtt un enger Léisung geschafft, déi zefriddestellend dat héicht Opkommes u Foussgänger, Bussen an Trammen op dëser Plaz reegele kann?
3. Firwat ass net hei vun der fréierer Aldrénger Plaz en Deel vun der Tunnelsinfrastruktur bäibehale ginn, fir d'Foussgänger ënnerierdesch iwwert de Boulevard Royal ze brénge mat entspriechendem Accès fir déi zwee Tramsquaien?
4. Wär eng Iwwerféierung, wéi et si um Kierchbierg gëtt, eng Solutioun fir d'Foussgänger aus dëser Geforenzon ze huelen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten